PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Gestioun vun ëffentleche Gelder an den domat zesummenhänkende Vott vum Budget gehéiert zu de fundamentalen Aufgabe vun engem Gemengerot zu Lëtzebuerg. Fir dëser wichteger Aufgab kënnen nozegoen, mussen dem Gemengerot am Viraus vun engem Vott sämtlech Ressourcen, Donnéeën a Proposen zur Verfügung gestallt ginn.

A Gemengeréit, wou d'Piraten present sinn, ass opgefall, dass d'Budgetspropositioun de Membere vum Gemengerot als PDF-Dokument zur Verfügung gestallt gëtt. Ee PDF ass per Definitioun en Dokument, wou den Auteur vum initialen Dokument festleet a wéi enger Form d'Dokument betruecht gëtt. An anere Wieder ass et, ouni e gewëssen technesche Know-How an Zousatzprogrammer, de weidere Lecteuren net méiglech, fir d'Dokument no hirem Besoin ze traitéieren. Ee Member vum Gemengerot muss d'Zuelen traitéieren, analyséieren, vergläichen oder an enger anerer Form betruechten an dëst ass am PDF-Format esou net méiglech.

Idealerweis sollten dës Donnéeën an engem Open Source Format zur Verfügung gestallt ginn, esou dass all Gemengeconseiller dës Donnéeë kann analyséieren, onofhängeg vum techneschen Equipement an der finanzieller Situatioun. Et geet hei awer manner ëm d'Format vun engem Dokument, mee dorëms, dass een d'Dokument kann traitéieren an editéieren.

An engem zweete Schrëtt kann een dës Donnéeën dann och national op de ëffentleche Portaler publizéieren a fir weider Analyse vun Administratiounen an interesséierte Bierger:innen an aller Transparenz zur Verfügung stellen.
Et ass am Interêt vum Schäfferot, vum Gemengerot an och vun der Bevëlkerung, dass e Vott vun engem Budget nom beschte Wëssen erfollegt an dofir brauche Membere vun engem Gemengerot och en Zuelendokument, wat et hinnen erlaabt, fir hir eegen Analysen a Berechnungen ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech den Här Minister zu dëser Problematik?

2. Ginn et Iwwerleeungen de Gemengeréit op nationalem Niveau e Recht op en editéierbart Format

zouzegestoen?

3. Falls net, wat schwätzt géint esou Iwwerleeungen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten